



huet: Notzt déi Geleeënheet! Et ass eng eemoleg Chance, fréi derbäi ze sinn, an et ass am Sënn vun eisen eeleren a fragile Leit, fir dëse Cordon sanitaire och esou schnell an esou effizient wéi méiglech en place ze kréien.

Ech soen Iech Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci der Madamm Gesondheetsministesch. Parole après ministre fir d'Madamm Martine Hansen.

■ **Mme Martine Hansen (CSV), auteure**.- Jo. Merci, Här President. Ech hunn u sech siwe Punkten opgezielt gehat, déi alleguer näischt spezifesch mat de Strukturen ze dinn hunn. An d'Argument, firwat datt dës Motioun net gestëmmt gëtt, ass ëmmer erëm: „D'Strukture sinn net matenee vergläichbar; mir hunn dat do an dat do an de Struktur gemaach.“ Dat heescht, déi Argumentatioun, déi kann ech esou net akzeptéieren, well et gëtt och krank Leit doheem, déi eleng sinn, et gëtt eeler Leit doheem, déi eleng sinn, a fir déi bräichte mer och en Aktiounsplang, wéi mer déi kënne schützen a wéi mer deene gläichzäiteg hir Fräiheet kënnen zrëckginn.

Ech ginn elo net méi nach eng kéier op eenzel Punkten an, ech stellen awer einfach just zwou Froen: Ass d'Regierung bereet oder huet se dat eventuell geplangt, fir de vulnerabele Leit FFP2-Masken zur Verfügung ze stellen? Dat ass dann déi éischt Fro, déi ech stellen.

An déi zweet Fro, just zu der Impfung dann an de Strukturen - d'Madamm Minister huet derzou ganz vill geschwat, ech hunn awer och do eng Fro gehat -: Wéi eng Fräiheete kréien dës Leit zum Beispiill zrëck, wann eng ganz Struktur geimpft ass? Gëtt da fir de Besuch erëm komplett opgemaach? Oder wat huet dat fir Konsequenzen?

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci, Madamm Hansen. An ech ginn d'Wuert direkt zrëck un d'Regierung.

■ **Mme Paulette Lenert, *Ministre de la Santé***.- Merci. Ech hat gemengt, Är Fro de Moie beäntwert ze hunn, mee de Stand vun der Wëssenschaft léisst net zou, dass ee Konsequenzen aus der Impfung zitt. Mir haten de Moien e längeren Echange doriwwer, dat ass bei eis net anescht wéi anerwäerts. Am Moment kann een nach net mat Sécherheet behaapten, dass eng Persoun, déi geimpft ass, dat eeben net méi wäert kënne weiderginn. Et ass och nach net mat leschter Sécherheet ënnermauert, dass ee selwer immun ass. Do si mer nach am Ofwaarden, an enger waardender Haltung, an dat misst eigentlech Är Fro beäntwerten. Et deet mer leed, wann dat dann de Moien net sollt kloer gewiescht sinn. Et ass eng Fro, déi Iech jo an deem Sënn vill beschäftegt hat.

Dat anert: Fir d'FFP2-Masken ass vun der Direction de la Santé och eng nei Recommandatioun eraus - ech hat déi och haut de Moie mentionéiert -, wou Der méi eng nuancéiert Empfehlung hutt, wéi déi an den Asaz kommen. Déi sinn zum Deel och disponibel an de Schoulen, an den Altersheemer. Och do wäerten Elementer afléissen an déi Gesamtstrategie, déi jo gefrot ass an déi mer alleguerten hei och ugehall hunn.

Ech géif och nach gären ënnersträichen, dass den Aspekt vun enger Strategie ronderëm déi vulnerabel Leit fir mech en extreem grouss Bestanddeel ass vun enger Gesamtstrategie, un där mer jo schaffen an déi mer och an Aussicht gestallt hunn. Et ass mir net ganz verständlech, ob Dir Äre Plan national nieft där Gesamtstrategie gesitt, als eppes Separates. Fir mech war dat u sech eng Partie intégrante vun enger Gesamtstrategie am Émgang mat dëser Pandemie, well mer jo wëssen, dass vulnerabel Leit eng besonnesch Opmierksamkeet brauchen.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci der Madamm Gesondheetsministesch. D'Madamm Hansen nach eng kéier.

■ **Mme Martine Hansen (CSV), auteure**.- Fir d'éischt wëll ech der Madamm Minister soen, datt ech net ka wëssen, wat an all Kommissioun geschwat gëtt, well ech guer net Member an der Santéskommissioun sinn. Dat ass dat Éischt.

An dat Zweet ass: Ech hunn elo net verstanen, ob d'Madamm Minister Jo oder Nee gesot huet op meng Fro, ob déi vulnerabel Leit FFP2-Masken zur Verfügung gestallt kréien. Merci. Just Jo oder Nee.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Ech ginn nach eng kéier d'Wuert zrëck un d'Madamm Gesondheetsministesch.

■ **Mme Paulette Lenert, *Ministre de la Santé***.- Jo, dass Der de Moien net derbäi waart, hunn ech effektiv am Webex net matkritt, dat deet mer leed. FFP2-Maske generell fir Vulnerabeler hu mer nach net festgehalen, mee se si punktuell am Émlaf op verschiddene Plazen an dat ass ee vun deene Punkten, déi och an deenen Aarbechten, déi dës Woch lafen, fir ze kucken, wéi mer eis Strategie ronderëm déi vulnerabel Leit an Zukunft nach kënnen affinéieren, mat um Dësch sinn a wou mer och Gedanken driwwer féieren.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci, Madamm Ministesch. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Vote sur la motion

Mir kënnen dann zum Vott komme vun dëser Motioun. Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi wëllen e Vote par procuration ofginn.

Appel nominal (votes par procuration)

Domadder ass dës Motioun bei 29 Jo-Stëmmen an 31 Nee-Stëmmen ofgeleent.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fred Keup) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gilles Baum) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue.

8. 7507 - Projet de loi autorisant la participation financière de l'État dans le fonctionnement et dans l'extension de l'infrastructure de l'Agence de gestion de dépôts S.à r.l. (Warehouses Service Agency - WSA)

Mir kommen elo zum Projet de loi Nummer 7507 iwwert d'Finanzéierung vun der Agence de gestion de dépôts, vun der WSA. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An ech ginn d'Wuert un d'Rapportrice vun dësem Projet de loi, déi honorable Madamm Stéphanie Empain. Madamm Empain, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de la Sécurité intérieure et de la Défense

■ **Mme Stéphanie Empain (déi gréng), rapportrice**.- Villmools merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech maachen Iech haut de Rapport iwwer e relativ kuerze Gesetzesprojet, nämlech e Finanzéierungsgesetz fir d'Warehouse Service Agency, kuerz WSA genannt.

D'WSA ass am Januar 1979 geschafe ginn an ass dorop spezialiséiert, militärescht Material ze stockéieren, ze warten an ze transportéieren. Et war ursprénglech en Ofkommes tëscht Lëtzebuerg an der US-Regierung, déi hei eng Win-win-Situatioun ugestriift hunn. Lëtzebuerg huet, am Kader vun der Stolkris, nämlech no Méiglechkeete gesicht, d'Mataarbechter, déi am Stolsecteur entlooss gi sinn, ënnerdaach ze kréien, an d'USA waren hirersäits op der Sich no Plazen an Depoten, wou se hiert Reservematerial kéinte stockéieren an dann och warte loossen. Duerno, vum Enn vun den 90er-Joren un, huet, nieft der amerikanescher Arméi an Europa, och d'Lëtzebuurger Arméi, gradesou wéi de Justizministère, Material do deposéiert.

D'WSA assuréiert also de Stockage a Logistik- a Maintenancearbechte fir militärescht an zivillt Material, woubäi hiren Haaptclient d'United States Air Force ass; deenen hire Quartier général ass jo zu Ramstein. Ze preziséieren ass, dass hei keng Waffen a keng Munition gelagert sinn. Aktuell schaffen do ëm déi 200 Leit.

D'WSA ass, wéi gesot, zur Zäit vun der Stolkris geschafe ginn. D'Part-sociale ware sou och tëscht der SNCI, déi 75 % hat, an ArcelorMittal mat 25 % verdeelt. Hei ass awer elo d'Decisioun gefall - et huet elo näischt mat dësem Projet de loi ze dinn, et ass awer erwänenswäert -, dass de Staat elo an Zukunft wäert eenzegeng Aktionär vun der WSA ginn.

D'WSA ass eng wichteg Struktur am Kader vun eiser bilateraler Kooperatioun mat den USA a si genéisst och eng ganz gutt Reputatioun. Si gëtt eis eng gewësse Visibilitéit bei den amerikaneschen Autoritéiten a si ass och e Beweis fir eist Engagement vis-à-vis vun der Nato an den Alliiéierten. An duerfir hale mir och un deem laangjäregen Engagement fest.

Am Laf vun de leschten zéng Joer huet Lëtzebuerg ëm déi 75 Milliounen Euro an d'WSA investéiert. Eist zousätzlecht Engagement, dat mir dann hei an dësem Projet de loi festhalen - an domadder bekenne mer eis eeben och derzou, net nëmmen domadder weiderzefueren, mee méi ze investéieren -, séchert de Site vu Suessem of an domadder och d'Schafen an d'Erhale vun Aarbechtsplazen zu Lëtzebuerg. An, dat dierf hei och net vergiess ginn, dës ganz Investitiounen kënnen integral dem Effort de défense ugerechent ginn.

Obwuel déi Zesummenaarbecht mat der WSA also scho relativ laang besteet, ass dat hei awer elo e ganz neie Moment, well den initialen Accord, souwéi och d'Verlängerung vun der lëtzebuergescher Contributioun an d'Modalitéiten, déi domadder zesummenhänken, bis elo ëmmer nëmme via Note verbale oder Échange de lettre festgehalé gi sinn, an dat an der Reegel iwwer en Zäitraum vu fënnef Joer.

Op Demande vun der lëtzebuergescher Regierung ass hei gekuckt ginn, fir e méi formellen Accord ze fannen, fir d'Modalitéite festzehalen, an dofir ass 2019 en MoU dresséiert ginn. D'Lëtzebuurger Regierung hat ursprénglech och gefrot, fir en Traité unzeviséieren, dëst war allerdéngs net méiglech, well déi amerikanesch Prozedur duerfir ze vill Zäit kascht hätt. Dofir, wéi gesot, elo d'Form vun engem MoU an an dësem Kader kënne mer elo awer och nach vun engem zousätzleche Paradigmewiessel schwätzen: Am Sënn vun enger méi grousser Transparenz an dem Striewen, déi demokratesch Kontroll am Beräich vun der Defense ze verstärken, ass hei - an dat ass eeben elo ganz nei - op Wonsch vun der lëtzebuergescher Regierung decidéiert ginn, iwwert de Wee vun engem Finanzéierungsgesetz ze fueren.

Fir d'éischte kéier ass et also esou, dass et d'Chamber ass, déi iwwert dës, fir d'Lëtzebuurger Verdeedungspolitik awer wichteg, Kooperatioun ofstëmmt. Den MoU kann also och eréischt no dësem Vott vun haut a Kraaft trieden.

Den MoU ass awer och elo d'Geleeënheet gewiescht, fir d'Bestriewe vun den USA festzehalen, fir d'Aktivitéite vun den U. S. Air Forces in Europe auszeweiten. Sou wëllen d'USA en zousätzlechen eegene Budget vun 62 Milliounen US-Dollar um Site vu Suessem investéieren, wat och eng Erhéijung vun den Effectif-fen um Site bedeit. Sou ass virgesinn, bis 2028 191 nei Posten ze schafen.

An domadder wiere mer dann eeben och beim Inhalt vun dësem Projet de loi. Et handelt sech hei, wéi scho gesot, ëm e Finanzéierungsgesetz, dat déi maximal järelech Montante vun der lëtzebuergescher Contributioun zum Finanzement vum Fonctionnement vun der WSA, awer och vun der Infrastrukturerweiderung vun der WSA festhält.

D'Opdeelung vun de Käschte mat 80 % fir Lëtzebuerg an 20 % fir d'USA bleift onverännert. Déi Gesamtdense, déi am MoU festgehalé ginn ass, läit bei 225 Milliounen Euro an dierf also net iwwerschratt ginn. Déi järelech lëtzebuergesch Contributioun ass och gedeckelt. Um Niveau vun der Infrastruktur schwätze mer vun engem Maximum vu 7,4 Milliounen Euro, déi derbäikommen. Wéi gesot kënnen all dës Dépensen dem Effort de défense ugerechent ginn.

Wat den Zäitraum vum Accord ubelaangt, sou leeft deen elo net méi op fënnef Joer, mee op zéng Joer, wat fir d'WSA bedeit, dass se elo vill méi Planungs-sécherheet hunn. An d'Kommissioun huet sech och ganz favorabel gewise fir dës nei a méi transparent Approche, well nieft der zousätzlecher demokratescher Kontroll, déi mer elo wäerte kréien, hu mer eeben hei e grouss Plus u Previsibilitéit a Planungssécherheet fir d'WSA.

De Projet ass den 18. Dezember 2019 an der Chamber deposéiert ginn. De Staatsrot huet den 12. Mee 2020 en éischten Avis ofginn, ouni Opposition formelle, allerdéngs mat enger Proposition, fir den Text ze restrukturéieren.

De 27. August sinn Amendement-gouvernementalen nogereecht ginn. Dës hunn net nëmmen dem Avis vum Staatsrot Rechnung gedroen, mee se hunn och der Tatsaach Rechnung gedroen, dass mat der Evolution vum Projet säitens der US-Regierung d'Käschte fir de Bau vun engem administrative Gebai net méi ofgedeckt waren. Hiert Engagement vun 62 Milliounen Euro huet am Fong just déi zousätzlech Infrastruktur fir Stockage beinhalt an hei louch dunn eng Demande vun der US-Regierung vir, ob Lëtzebuerg dës Käschte kéint en charge huelen, an dëser Demande ass dunn och Rechnung gedroe ginn. Dem Staatsrot säin Avis complémentaire derzou ass den 11. Dezember 2020 komm.

Mir hunn de Projet de 7. Januar an der Verdeedungskommissioun beschwat an de Rapport ass de 14. Januar ugehall ginn. Ze notéieren ass awer, dass mir nodréiglech - also nom Stëmmen vum Rapport -, nach e Redressement matériel vum Intitulé vum Projet de loi virgehall hunn: Aus der « Loi visant l'autorisation de la participation financière (...)» ass elo e « Projet de loi autorisant la participation financière (...)» gemaach ginn an domadder ass den Intitulé vun der Terminologie hier einfach

un dat ugepasst ginn, wat och an anere Finanzéierungsgesetzer üblech ass. Den Text gëtt also elo mat dësem neien Intitulé gestëmmt.

Fir weider Detailer géif ech op mäi schrëftleche Rapport verweisen. Ech soen Iech alleguerte Merci fir déi konstruktiv Zesummenaarbecht an der Kommissioun a géif dann heimadder och den Accord gi vun eiser grénger Fraktioun.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools der Madamm Rapportrice Stéphanie Empain. An als éischte Riedner ass den honorabelen Här Jean-Marie Halsdorf agedroen. Här Halsdorf, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

■ **M. Jean-Marie Halsdorf (CSV)**.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, effektiv laude mer haut eng nei Etapp an der Geschicht vun der WSA an, eng Geschicht, déi jo da gläich 42 Joer kritt. An ech wollt an deem Kontext der Rapportrice dann och direkt Merci soe fir dee schrëftlechen a mëndleche Rapport. Si huet jo och ee klenge Réckbléck gemaach an ech mengen, et soll een effektiv zrëckkucken, fir emol ze gesinn, dass dat Kand, dat mer haut nach hunn, bei gudder Gesondheet bliwwen ass. Dat huet och domadder ze dinn, dass eeben dee Wee, deen deemools an de Joren 79 an 83 vun der ArcelorMittal zesumme mat der SNCI ugaange ginn ass ..., dat gëtt haut anescht geschriwwen. An deemools stoungen d'Aarbechtsplazen, déi sollte geschafe ginn, am Mëttelpunkt an haut gi mat deem heite Projet och weider Aarbechtsplaze consolidéiert an nees geschaf. An deem Sënn ass de Projet also am Fong dee selwechten.

Wat awer war, dat géif ech awer gäre rappeléieren, dat ass: 2006 war dat Kand bal gestuerwen, well d'Regierung huet do effektiv missen intervenéieren. Do sollten 213 Leit entlooss ginn, herno waren et der nach just 62. Dat ass eng gutt Saach, dass mer d'WSA da weider hei zu Lëtzebuerg konnten halen. A wa vun 2013 un de Stockage militaire am Mëttelpunkt steet ..., dass keng Waffen a keng Munition do gelagert sinn, dat sinn Elementer, déi gutt si fir deen heiten Dossier, fannen ech, an duerfir muss een e schonn ënnerstëtzen.

Et weess een och, an dat ass och ugeklongen, dass virdrun d'Fourrière judiciaire an d'Arméi op deem Site waren. Haut geet dat awer effektiv méi a Richtung vun engem Site, wou et wierklech ..., e richtege Site, wéi en am Fong geholl war, e Militärlager fir d'Amerikaner, an där sollen der jo nach siwe Stéck an Europa entstoen. A Lëtzebuerg wär do e Paradebeispiill. Mol kucken!

Mee dat Ganzt krute mer net zum Nulltariff an dat muss een awer eng kéier hei rappeléieren, well och, wa mer elo méi Rechtssécherheet hunn am Sënn, dass mer eng Mémoire d'entente oder MoU hunn, dat fannen ech gutt Ech fannen dat gutt, dass dat Ganzt elo iwwer zéng Joer leeft, dat ass besser, wéi et elo war. Et ass och gutt, dass et iwwert d'Chamber leeft.

Déi Fro, déi ech mer stellen: Firwat hu mer de Modell vun der ASBL net iwwerkuckt? Well am Fong geholl ass d'ArcelorMittal net méi dran. Hätt ee sech do net vläicht kënnen anescht orientéieren oder anescht opstellen? Gëtt déi ASBL genuch Rechtssécherheet? Loosse mer et emol esou soen, well mir sinn an enger anerer Logik wéi virdrun: Wa virdrun d'Personalkäschten an d'Betriebskäschte bezuelt gi sinn, da kommen hei elo och Investkäschten an d'Spill. An eist Land engagéiert do effektiv 62 Milliounen, mengen ech, an deen heite Projet, sou-dass ech mer déi Fro elo gestallt hunn. An ech wär frou, wann de Minister mer do kéint eng Äntwert ginn.

An deem Kontext - och wa mer eis also investéieren a méi erastiechen -: Firwat hu mer déi Opdeelung vun de Käschte vun 20 zu 80 net negociéiert? Et hätt een och vläicht kënne soen: „Wa mir Iech elo hei an déi 60 Milliounen drastiechen, kënne mer net d'Käschte vläicht anescht opdeelen?“ Dat ass also eng Fro, déi ech dem Minister wollt stellen, ob dat diskutéiert ginn ass. Ech mengen, et wär wichteg.

Wat fir eis wichteg ass, an duerfir ënnerstëtze mer dëse Projet och, ass, dass Aarbechtsplazen entstinn. Wann et esou ass, wéi et am Text steet, hu mer de Moment 112 Leit do schaffen an et kommen der 191 bäi. Dat heescht, mir hätten 303 Aarbechtsplazen. Dat ass gutt.

Wat och gutt ass um Projet - an ech mengen, duerfir ass d'Regierung deemools och intervenéiert 2006 an och bis dohinner, am Fong a Continuitéit -, dat ass d'Visibilitéit duerch dëse Projet. Mir hunn do am Fong geholl eng grouss Visibilitéit, dat ass diplomatesch ganz wichteg an esou huet Lëtzebuerg eng privilegiéiert Relatioun mat den Amerikaner, doduerch, dass an eisem Land esou e Lager steet.

An dee leschte Punkt, dat fannen ech och gutt, dat ass wierklech den Effort de défense, dass mer dat als solche kënne consideréieren, well mir versichen, mat vill Imaginatioun, Sue lass ze ginn - wann ech



dat dâerf esou soen -, fir eise PIB-Pourcentage an d'Luucht ze kréien. Hei ass eng flott Aart a Weis, wéi mer national Retombéeë kënnen kréien, wéi mer Aarbechtsplaze schafen, wat gutt ass fir den Image vun eisem Land. Duerfir ass dat eng gutt Saach an duerfir wäerte mer dat och ënnerstëtzen.

Merci.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, *Président.*** - Merci villmools, Här Halsdorf. An da geet d'Wuert weider un den honorabelen Här Gusty Graas. Här Graas, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Gusty Graas (*DP*).** - Merci, Här President. Warehouses Service Agency, also kuerz WSA genannt, huet u sech schonn eng laang Geschicht hei zu Lëtzebuerg. Ech wëll drop hiweisen, datt deemools, de 17. Abrëll 1954, schonn en Accord tëschent den USA a Lëtzebuerg ënnerschriww ginn ass - do ass et ëm Offshore-Akeef gaangen -, dee gouf dann duerch Gesetz vum 28. Mäerz 1955 ratifizéiert an dunn ass, wéi et och schonn hei gesot ginn ass, den 21. Dezember 1978 e Memorandum of Understanding ënnerschriww ginn, wou preziséiert ginn ass, wat genee an dat Militärlager kéim. A virun allem ass jo deemools scho festgehalen, datt selbstverständlech keng Waffen a keng Munition dohinner kéimen.

Den 10. Januar 1979 ass dunn d'Gesellschaft WSA kreéiert ginn, mat deemools 75 Milliounen Frang Kapital, fir am Raum Beetebuerg-Diddeleng an dann eeben och zu Suessem e Militärlager opzeriichten, am ganzen 90 Hektar mat 36 Halen, wou 5.200 Gefierer kéinten ënnerbruecht ginn.

Vum Site Beetebuerg-Diddeleng ass haut näischt méi ze gesinn. Do stinn zwar entre-temps aner Halen, mee et gëtt nach ëmmer do geschafft, virun allem mat Baggeren a Camionen.

Wat vläicht nach interessant ass ze bemerken: Deemools, bei dem Site vu Beetebuerg-Diddeleng, war d'Privatbeamtepensiouskeess, déi sech do och mat engagéiert huet, an zwar mat 900 Milliounen Frang. Dat war deemools eng grouss Diskussioun hei zu Lëtzebuerg, well de Staat eeben och net bereet war, d'Garantie dervun ze iwwerhuelen.

Iwwerhaupt war jo d'Schafe vun deene Lageren net an alle Kreesser positiv opgeholll ginn. Ech wëll dat hei elo net verdéiwen, mee awer trotzdem op en Auszuch vun enger Ried vum Gaston Thorn zrëckkomme vum 11. Januar 1979. Wat de Gaston Thorn deemools do gesot huet, dat huet haut nach u sech seng ganz Bedeutung, ech wëll en duerfir kuerz hei zitieren: « Est-ce que vraiment à une époque où nous voulons être défendus et où la Chambre, dans l'exercice de sa pleine souveraineté, a décidé d'attirer et de rester un fidèle partenaire de l'OTAN, est-ce que cette Chambre, est-ce que ce pays, qui a été libéré deux fois par les troupes des États-Unis, qui a recueilli en son sol des milliers de soldats américains qui sont morts pour sa libération, est-ce qu'aujourd'hui, nous qui avons décidé de ne pas faire le même effort positif de défense que les autres, est-ce que nous refuserons à ceux qui nous ont libérés, à ceux qui sont prêts à nous défendre encore contre un adversaire potentiel, est-ce que nous leur refuserons même le droit d'avoir sur notre territoire, en cas de défense, en cas d'attaque par un ennemi commun, des dépôts minimums nécessaires ? »

Ech mengen, déi Wieder hunn u sech nach haut Bedeutung, dat ware Wieder, déi alles erëmgespigelt hunn, firwat Lëtzebuerg deemools deen Engagement gemaach huet.

Wat awer natierlech zu där Zäit erstaunlech war, dat ass, datt iwwerhaupt kee Gesetz gestëmmt gi war fir d'Implantatioun vun deenen zwee Lageren. Deemools ass iwwer Note-verballen d'Prolongatioun vu fënnf Joer ëmmer guttgeheescht ginn. Haut si mer natierlech an engem Paradigme-wiessel, dat ass och gutt esou. Ech mengen, d'Chamber muss méi agebonne ginn, virun allem och, wat d'Defensfroen ubelaangt.

An ech wollt dem Minister och hei Merci soen, datt mer d'lescht Woch hei zum Beispill och e ganz interessanten Austausch haten iwwert d'Zukunft vun der Lëtzeburger Arméi, wat och derzou bäidréit, datt d'Chamber méi agebonne gëtt an dee Moment och méi hir Meenung soe kann. Well d'Erfahrung mam Militärsatellitt - naja, ech wëll dat hei net méi rappeliieren, mee déi huet jo awer gewisen, zu wat et ka féieren, wann een d'Chamber net transparent an optimal mat an d'Boot eranhëlt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir eis als Demokratesch Partei ass et jiddefalls och haut nach ëmmer ganz normal, datt mer eng enk Relatioun mat der amerikanescher Arméi an doriwwer eraus och mat der NATO fleegen, a spëtstens vu muer u missten eis Relatiounen mat den USA normalerweis jo och verbessert ginn.

Mir sollen eis natierlech och kengen Illusiounen hign, selbstverständlech wäert d'Welt och an den nächste Jore leider net ouni Tensiounen bleiwen. Mir brauchen nach wie vor eng staark NATO, mir

brauchen nach wie vor staark Partner, déi international Lag ass ugespaant an op China muss ee selbstverständlech och en An halen. An et muss een, wéi gesot, an deem Sënn kucken, datt een effikass Defensestrukturen opbaut.

Ech wëll dann och ënnersträichen, datt dat Gesetz hei e wichtege Bäitrag net nëmmen an der Kollaboratioun mat der amerikanescher Arméi ass, mee och mat der NATO. An duerfir ass et jo och gutt, datt et ugerechent gëtt fir eise Bäitrag um NATO-Niveau, dee jo de Moment bei 0,6 % vum RNB läit, an domadder, mengen ech, si mir souguer d'Schlusslicht vun den NATO-Memberen. Mir brauchen eis also net onbedéngt domadder no bausse grouss duerzestellen, au contraire, ech fannen, mir solle roueg nach gewëssen Efforte maachen, an dat ass jo och fir déi nächst Jore virgesinn.

Dann dâerf een och net vergiessen, datt dee Projet hei och e wichtigen ekonomesche Volet huet, well bis d'Joer 2028 solle jo 191 nei Aarbechtsplaze geschafe ginn, besonnesch an deem Raum Suessem, wou jo ..., an ech mengen, de fréiere Buergermeeschter an d'Buergermeeschtesch hei wëssen dat vill besser wéi ech, ech maachen de Schwenk eriwwer op Käerjeng, wou Guardian jo ofgebaut huet, zu Diddeleng ass ofgebaut ginn, bei ArcelorMittal ass ofgebaut ginn. Dann ass ee frou, elo awer ze héieren, datt op dësem Punkt dann an deenen nächste Joren nei Aarbechtsplaze wäerten entsto.

Vläicht awer och nach e Wuert iwwert d'Zesummesetzung vun der Gesellschaft, wou ArcelorMittal bis elo 25 % vun den Aktien hat: Dat ass natierlech och wierklech ze hannerfroen, ass dat net souguer en Deel Anachronismus? An och do muss een der Regierung felicitéieren, datt si awer wëlles huet, déi Gesellschaft elo zu 100 % ze verstaatlechen. Dat kënnen mir jiddefalls nëmme begrëissen.

Sécher, 225 Milliounen ass net näischt fir déi nächst zéng Joer, plus déi 7,4 Milliounen fir d'Extensioun. Mir sinn als Demokratesch Partei awer der Meenung, datt dat e wichtigen Invest ass an datt Lëtzebuerg sech dann och kloer ganz verstärkt mam Fändel vun der Bedeelegung, virun allem, wéi gesot, un der Defense, der internationaler Defensepolitik, weist.

An an deem Sënn wäert ech selbstverständlech d'Zoustëmmung vun der Demokratescher Partei bréngen. Ech soen awer och der Madamm Empain nach villmools Merci fir hir verschidde Berichter. Merci.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, *Président.*** - Merci villmools, Här Graas. An da wier et un der honorabler Madamm Lydia Mutsch. Madamm Mutsch, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Lydia Mutsch (*LSAP*).** - Merci, Här President. Den 11. Januar 1979, also viru ronn 42 Joer an eppes méi méi enger Woch, hate mir hei am héijen Haus - also net mir perséinlech hei - eng Interpellatioun. Si war ugefrot gi vum Här Urbany an et gong do ëm d'Grënnung, also ëm d'Implantatioun vun engem amerikanesche Militärlager zu Lëtzebuerg. An obwuel mer deemools nach matten am Kale Krich waren, stoung déi Interpellatioun awer haaptsächlech am Zeeche vun enger sozialer Fro, nämlech, wéi mer matten an enger Stolkris kéinte Méiglechkeete fannen, fir déi vill Aarbechter, déi keng Aarbecht méi haten oder keng méi géife fannen, op anere Plazen ënnerzebréngen. An dee Projet ass deemools an deem Kontext hei diskutéiert ginn.

D'amikanesch Arméi huet deemools Terrainen an Hangare gebraucht, fir Reservematerial ze stockéieren. Kuerz virun deem Debat war et zur Signature vun engem Mémoire d'entente tëscht Lëtzebuerg an Amerika komm, an e puer Woche méi spët gouf d'WSA kreéiert, mat eebe grad der Missioun, fir Infrastrukturequipementer a militärescht Material ze stockéieren an a Stand ze halen.

Ech soen dat hei dofir, well deen dote präzisen historesche Kontext am Zesummenhang mat dësem Gesetzesprojet net esou oft beschwat gëtt an deemools awer eng kloer Realitéit fir dëst Lëtzebuerg war. Et goufen an deem Kontext och bal 800 Aarbechtsplaze geschaaft, vun deenen der deemools eebe grad vill vu Leit konnte besat ginn, déi fréier an der Stolindustrie hir Plaz fonnt haten an elo net méi konnte fannen.

Iwwer all déi Joren huet natierlech déi dote Struktur gutt a manner gutt Zäiten erlieft. Si huet awer iwwerlieft, et gëtt se haut nach. Si huet et och fäerdegbruecht, sech ëmzestrukturéieren, och aner Acteure sinn agebonne ginn. Haut, an dat ass zënter 2013 de Fall, hänkt d'Majoritéit vun den Aktivitéite vun der WSA zesumme mam Stockage a mam Entretien vu Material vun der amerikanescher Loftwaff an Europa.

Eng Ännerung ass och komm, wat de Standuert ubelaangt: Haut ass d'WSA fest an der Suessemer Gemeng implantéiert, mat iwwregens - wéi mer d'Buergermeeschtesch de Mueren nach gesot huet -, enger exzellenter Relatioun mat der Gemeng. Si sinn do ganz present an et ass och den Haaptsiège,

nodeem d'Aktivitéiten um Site Beetebuerg-Diddeleng agestallt goufen.

Wéi et hei scho vu menge Virriedner gesot ginn ass, huet d'WSA eng exzellent Reputation och bei den amerikaneschen Autoritéiten, well mer ganz einfach eng gutt Qualitéit u Personal an Installatiounen ubidde kënnen a virun allem, well do eng gutt Aarbecht geleescht gëtt.

Mir gesinn och mat deem heite Projet den Engagement vu Lëtzebuerg a Saachen Defenseeffort. Mir hunn eng gutt Visibilitéit mat der WSA, mir hunn dat elo erëm während der Pandemie gesinn, wou d'WSA am Cargocenter mat ausgehollef huet an do eng ganz wichteg a solidaresch Aarbecht geleescht huet.

A weinst all deem, an och mat deem historeschen Hannergrond, op deen ech kuerz agaange sinn, si mir der Meenung, dass et wichteg ass, dass mir mat Hëllef vun dësem Gesetz d'Zukunft vun der WSA a vum Site Suessem laangfristeg ofséchere kënnen. Wichteg ass och, dass Aarbechtsplazen erhalen ginn a virun allem, dass d'Perspektiv besteet, dass nach zousätzlech bal 200 Aarbechtsplaze kënnen geschaaft ginn.

Warscheinlech huet déi gutt Visibilitéit an déi gutt Renommée, déi eis WSA huet, mat derzou gefouert, dass dee Memorandum of Understanding, dee mam Vott vun dësem Gesetz a Kraaft trëtt, konnt op zéng Joer ausgeriicht ginn an net, wéi et bis elo de Fall war, op fënnf Joer. Dat erlaabt eis natierlech och, eng ëmmer méi diversifizéiert a méi kohärent Palett u Projeten ze maachen. Mir begrëisse do och als LSAP, dass mer domadder eng Planungssecherheet fir d'WSA selwer kréien, dass mer eng zousätzlech Sécherheet um Niveau vun de Reglementatiounen kréien an dass mer méi Transparenz kréien. Dat hu mer ënner anere och gesinn duerch déi Aart a Weis, wéi mir als Chamber an deen heite Prozess konnten agebonne ginn.

All Informatiounen zum Finanzéierungsgesetz selwer huet d'Rapportrice eis hei ginn, an ech wëll hir dofir och ausdrécklech fir hire ganz ausféierlechen an och gudde schréfflechen a mëndleche Rapport Merci soen.

Mir stinn hannert deem heite Projet an dofir wäert et och net verwonneren, dass ech haut den Accord vu menger Fraktioun derzou ginn. Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président.*** - Merci villmools, Madamm Mutsch. An ech ginn d'Wuert direkt weider un den honorabelen Här Fernand Kartheiser. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Fernand Kartheiser (*ADR*).** - Här President, villmools merci. Dir Dammen an Dir Hären, ech wëilt och mam Merci un d'Madamm Empain fir hire Rapport ufänken.

Wësst Der, Madamm Empain, Dir hutt gesot, d'WSA wier 1979 gegrënnt ginn. Ech erënnere mech ganz gutt un 1979, ech war deemools op der Militärademie an déi gréng, déi sinn deemools op d'Ouschtermärsch demonstréiere gaange fir d'Ofrüstung, fir d'Ofschafung vun der NATO an esou weider an esou fort. Den Här Minister Bausch erënnert sech warscheinlech och nach un déi Zäiten.

(*Brouhaha*)

An et ass fir mech ëmmer impressionnant ze gesinn, wéi eis gréng Kolleegen haut hei stinn an emol kuerz soen: „Mir brauchen 225 Milliounen Euro fir d'WSA, dat ass eng gutt Saach!“ Ech soen lech, wann et esou virugeet, dann dauert et net laang an Dir gitt den éischten Atomreakter aweien, dee mer dann hei am Land wäerte kréien.

(*Hilarité*)

Wësst Der, ech wëll awer och e puer méi seriö Bemerkungen iwwert de Kontext maachen: Den Effort de défense ass eng Saach, déi ass ... Mir soen hei, mir kënnen dat urrechnen op den Effort de défense, mee dat sinn 2 % vun eisem Bruttonationalakommes oder souguer vun eisem Bruttonationalprodukt, déi mer normalerweis sollten an der NATO erreechen, a mir musse kucken, wéi den allgemenge Kontext ass, well wann de Kontext an den internationale Relatiounen ugespaant ass, da ginn déi 2 % op eemol an absolutten Zuele ganz vill!

Wa mer an eng aner Konstellatioun erafale vu méi Detente, vu besseren internationale Relatiounen, da fällt den Effort de défense, dee mer solle leeschten, domadder natierlech och an absolutten Zuelen. An et ass schonn esou, mengen ech, datt eis Regierung sech och soll an internationale Gremie verwenden, fir datt mer an engem Kontext sinn, wou d'Spannungge reduzéiert ginn.

Mir hunn elo eng nei amerikanesch Administratioun. Ech kann nëmme constatéieren, datt déi nei amerikanesch Administratioun an hirem Walkampf zum Beispill vill méi haart géint Russland geschwat huet wéi déi amerikanesch Republikaner. Et kann also sinn, datt mer an eng nei Zäit vu Spannung an Europa erakommen. Dat heescht fir eis: méi e groussen Effort de défense. Mir müssen eis däers bewosst sinn! An et ass schonn esou, datt Lëtzebuerg och sollt säin Afloss gelte loossen, fir ze kucken, datt déi interna-

tional Relatiounen ausgeglach, roueg a friddlech sinn.

Dee Projet, dee mer elo hei hunn, deen droe mir als ADR mat. Et ass mat Recht vun der Madamm Empain a vun allen anere Riedner, déi hei scho geschwat hunn, gesot ginn, datt mer dat op den Effort de défense kënnen urrechnen, dee vun eis erwaart gëtt. Et ass e Retour économique - d'Madamm Mutsch huet ganz laang vun den Aarbechtsplaze geschwat -, dat ass richtig. Et ass och wichteg fir eis gutt Relatiounen mat den USA. Och déi hunn a leschter Zäit gelidden, notamment och duerch Bemerkungen vun eisem Ausseminister. Och dat muss ee soen, datt eng Diplomatie och doranner besteet, Verschiddenes net ze soen, wat ee vläicht denkt! Et ass och normal, géif ech mengen, datt de Staat am Defensesecteur deen eenzegen Aktionär vun esou enger Entreprise ass - och dat kënnen mer novollzéien.

Mee zwou Kriticke wëilt ech awer trotzdem hei soen. Eng fundamental: Wann d'Regierung e Mémoire d'entente, Memorandum of Understanding, mat engem anere Staat ofschléisst, dann ass d'Doktrinn - weinstens bei eis, bei der ADR, an dat baséiert sech jo op d'Jurisprudenz vun eisen héchste Gerichter -, datt all Mémoire d'entente an all internationaalt Ofkommen, egal, wéi et heescht, esou steet et an den Urteeler, dem Parlament zur Ratifizéierung muss virgeluecht ginn. Dat hei ass esou en hallwe Schrëtt. Mir begrëissen awer, datt dee Mémoire d'entente awer e bëssen un dat Gesetz gebonnen ass, dat mer haut hunn, och wa mer en net selwer formell ratifizéieren - dat hätt mir eis gewënscht.

Dat Zweet ass: Et muss een och wëssen, datt deen Engagement, dee mer haut huelen, bis 2028 gëllt, dat heescht, fir déi ganz nächst Legislaturperiod mat! Dat heescht, et bënn praktesch schonn déi nächst Regierung, dat muss een och wëssen! Wéi bei ville Militärprojeten, déi mer an der leschter Zäit gestëmmt hunn, gëtt dat fix Ausgaben a Verpflichtungen iwwert dës Legislaturperiod eraus. Et ass dofir, mengen ech, och gutt a wichteg, datt dëst Gesetz hei am Parlament mat engem breede Konsens ugeholl gëtt, fir och ze ënnersträichen, datt an deem Kontext awer op Lëtzebuerg Verlooss ass.

Dat gesot, den Accord vun der ADR ass heimadder och ginn. Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président.*** - Merci villmools, Här Kartheiser. An ech ginn d'Wuert direkt weider un den honorabelen Här Marc Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Marc Baum (*déi Lénk*).** - Merci, Här President. Ech wëilt domadder ufänken, mäi Virriedner ze berouegen: Dëst Gesetz wäert net unanime duerch d'Chamber goen! Och wann déi gréng déi aktuell Oprëschtungsspiral net méi kritiséieren, sou wäerte mir dat awer widerhi maachen! An och wann ech der Regierung muss zegutthalen, datt de Finanzement vun der WSA mat deem heite Projet fir d'éischte Kéier wierklech éffentlech an dem Parlament zougänglech ass an och bal doriwwer kann debattéiert ginn, sou kommen ech awer net laanscht ee Constat: alt nees e Militärprojet!

Am Juli huet d'Chamber d'Bedelegung vu Lëtzebuerg vu 600 Milliounen Euro un engem Programm vu Militärfligere votéiert an am November huet d'Majoritéit eng Rallonge vun 140 Milliounen Euro fir e Militärsatellitt gestëmmt. An elo am Januar soll d'Chamber dann nach eng Kéier 230 Milliounen Euro votéieren, fir der US-Arméi den Ënnerhalt vun hirem Material ze bezuelen. Dat si praktesch 1 Milliard Euro fir Militärprojeten, déi d'Majoritéit hei säit dem Ausbruch vun der Coronapandemie votéiert huet! Ech muss lech soen, do bleift mir éierlech gesot de Mond awer e bëssen opsto.

Ech mengen, datt een, egal, ob een, wéi mir als Lénk, grondsätzlech géint dës Oprüstungsspiral ass oder net, an dëser aktueller Situatioun, wou esou vill Fragezeechen hannert dem Staatsbudget an hannert der ekonomescher Entwécklung vum Land stinn a wou esou vill Geforen, reell Ennemien, virun der Dier stinn - wéi zum Beispill de Klimawandel -, all nei a laangfristeg Militärausgaben, wéi dëst eng ass, zumindest emol hätt misse op Äis leeën, bis datt mer dës Kris vollstänneg iwwerwonnen hunn.

D'Regierung gëtt net midd ze betounen, datt déi laangfristeg Entwécklung vun de Staatsfinanzen därzäit immens onsécher an net anzeschätzen ass. Gläichzäiteg geet se am Defenseberäich awer laangfristeg Engagementer an a setzt de Militärbudget während der Kris weider op elo ronn 400 Milliounen Euro pro Joer erop. Dat ass - zumindest a mengen Aen - en eklatante Widdersproch!

Här President, Sënn an Zweck vun dësem spezifesche Projet ginn alt nees net hannerfrot an an den Interventiounen vu menge Virriedner, déi op den Historique agaange sinn, gëtt een de Stallgeroch vum Kale Krich net lass.

Bei dësem Projet geet et jo grosso modo drëms, d'Käsche fir d'Lagerung vu Material vun der U.S. Air Force fir déi nächst zéng Joer ze iwwerhuelen. Wéi sech dat an d'Strategie vun enger Moderniséie-



rung vun der Lëtzebuerger Arméi areit, bleift wuel der Regierung hiert Geheimnis. Mee an eisen Aen misst een och emol ufänken, dee méi grouse Kontext ze hannerfroen. Wat ass dann d'Plus-value fir déi kollektiv Sécherheet, wann d'USA an Europa Militärfligere stationéieren a Militärbasen ënnerhalen? Op wéi eng Bedroung gëtt dann domadder reagéiert, 30 Joer nom Kale Krich?

Ass et net vill méi esou, datt déi europäesch Airbasë virun allem den hegemonialen Eegeninteresse vun den USA déngen? Schliisslech ass d'Airbase vu Ramstein - wouvunner d'WSA jo gewässermoossen eng Ausseffilial ass - déi wichtegst logistesesch Dréischeif fir all US-Operatiounen am Mëttleren Osten, a Südasien an an Nordafrika. Si ass notamment intensiv genotzt gi fir Ugrëffskricher an Afghanistan an am Irak. Dréit dat da wierklech zur Sécherheet vun eisem Land bäi, wa mer eis dorunner bedeelegen?

A wéi ass et da mat der strateegescher Autonomie fir Europa, ëm déi sech hei am Parlament vun de Majoritéitsvertreieder in extenso beméit ginn ass, wéi et am Summer drëms gaangen ass, d'Tankfligereen ze rechtfertegen? Dréit dat dann derzou bäi, Europa militäresch vun de Vereenegte Staaten onofhängeg ze maachen, wa mer hinne hir Militärbasen op europäeschem Buedem subventionéieren?

Mee bon! Et geet jo ëmmer erëm drëms, d'NATO-Ziler ze errechen, dee berüümt-berüchtegten Effort de défense. An d'Argumentatioun vun der Regierung geet jo dann och an déi Richtung: „Iergendwéi musse mer déi 400 Milliounen jo lassginn an dat heite schaaft zumindest Aarbechtsplazen hei am Land.“

Also, datt de Staat mat sengem Budget Aarbechtsplaze schaaft, do hu mir als Lénk nun definitiv näischt dergéint! Mee da schaaft awer wannechge-lift Aarbechtsplazen, déi zukunftsorientéiert sinn, Aarbechtsplazen, déi eiser Gesellschaft eppes brén-gen an déi déi grouss Defien an Ugrëff huelen, deenen eis Gesellschaft an Europa an och zu Lëtze-buerg ausgesat ass, an net einfach just Aarbechts-plazen, déi doranner bestinn, der U.S. Air Force hir Stocken ze verwalten an hir Camione propper ze halen!

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Marc Baum** (*déi Lénk*).- Duerfir eise Virschlag: Huelst dës Suen, déi Der bereet sidd auszeginn, a gitt se och an deem Beräich aus, deen Der cibléiert hutt, nämlech am Beräich vun der Logistik. Fice-léiert e Projet ronderëm den aktuelle Stand vun der WSA an entwéckelt domadder en ziville Projet, deen eng wierklech Utilité publique huet. Also u Besoine feelt et nun definitiv net!

A wa se lech da bei der NATO erëm mam Effort de défense kommen, Här Verdeedegungsminister, da wiere mir frou, wann Der hinne géift soen, datt eist Land an eis Populatioun am Moment aner Suergen hu wéi den Effort de défense vun der NATO.

Merci.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Marc Baum. Leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen.

■ **M. Marc Goergen** (*Piraten*).- Här President, mir Pirate sinn allgemeng an eiser mofer Friddenspoli-tik ganz kritesch bei all Dossier ronderëm d'Militär an hiert Material. Mir sinn eng Partei, déi fir Ofrü-stung steet.

An der Erklärung vum Gesetzesprojet steet am Exposé des motifs dran, dass Lëtzebuerg sech kloer zu sengem Engagement vis-à-vis vun eise Befreier aus dem Zweete Weltkrich bekennt. Zu Péiteng wësse mir ganz gutt, wat dës Verbonnen-heet mat den USA bedeit: Do war den éischten Amerikaner gefall, mir si befreit ginn. Nach oft zielen eis Grousselteren an aner Zäitzeien aus der Geschicht vun deemools. Och wa mir d'Leesch-tungen an d'Erënnerunge vun de Befreier vum Naz-is-mus viru 75 Joer héichhalen an eis bei den Ame-rikaner fir d'Geschicht bedanke sollen, esou musse mer awer soen, dass dëst net eleng de Grond ass, firwat mir hei e Gesetzesprojet stëmmen.

Mir verstinn och, dass et fir de Minister keng einfach Aufgab ass, als klengé Staat mat engem geopolitesche Ris esou en Accord auszehandelen, bei deem d'USA ëmmerhi ronn e Véierel vun den Ausgaben iwwerhuelen. A wann ee weess, dass de Minister Member bei der grénger Partei ass a sou-mat - hoffen ech zumindest - esou sensitiv op d'Ëm-welt ass wéi mir Piraten, dann ass et him sécher bei der Ënnerschrëft vun deem Memorandum net liichtgefall, well d'US-Arméi mat hirer ganzer Lo-gistik a Krichsmaschinnerie ee vun de gréisste Klimasënner op der ganzer Welt ass.

Mee dës Ausgaben hei kënnen mer net einfach esou legitiméiere mam Argument, dass mir dat esou gäre maachen. Wa mer elo éierlech sinn, firwat mer dëse Projet haut hei stëmmen, da läit et dorunner, dass d'USA dat vun eis verlaangen.

An de Grond, firwat mir méi Sue musse bezuelen, ass, dass den Donald Trump 67 Milliounen Euro vun

der US-Arméi aus Lëtzebuerg ofgezunn huet, fir domadder de Bau vun der Grenzmauer zu Mexiko ze finanzéieren - esou an engem Artikel aus dem „Wort“ iwwer eng Question parlementaire vum honorabele Marc Spautz.

Op där enger Säit kréie mer presentéiert, dass mir duerch dësen Invest vun 225 Milliounen eis bilateral Bezéiunge mat den USA stäerken an 300 Aarbechts-plazen zu Lëtzebuerg behalen. Kuckt een awer déi aner Säit vun der Medail, da mécht dat op d'Joer gerechent 75.000 Euro pro Aarbechtsplaz. An do dierf ee sech emol d'Fro stellen: Kommen déi och bei de Salariéen un?

Mee wat sinn dann och nach d'Konsequenze fir d'Ëmwelt? An och, wa keng Waffen op deem Site gelagert ginn, leien hei trotzdem nach ëmmer Objeten, déi fir militäresch Zwecker geduecht sinn, déi net grad ëmweltfrëndlech sinn.

Et géif eis op alle Fall zeguttkommen, am Zesum-menhang mat esou bilateralen Accorde méi euro-päesch Accorden ze fannen, fir selwer fir d'Sé-cherheet op eisem Kontinent ze suergen. Mir Piraten fannen et schued, dass déi grouss Annoncë vun den Europawale fir d'Opstelle vun enger europäescher Verdeedegungsarméi net weidergefouert goufen. D'Realitéit ass leider nach ëmmer eng aner, mee et wär gutt, wa Lëtzebuerg op europäeschem Niveau géif Drock maachen, fir d'Theema vun enger euro-päescher Arméi net aus den Aen ze verléieren - an domat menge mir méi wéi eng Kooperatioun an der Benelux!

Trotz aller Kritik wäerte mir Piraten dëst Gesetz zur Finanzéierung vun der WSA zu Suessem haut mat-stëmmen, awer just, fir déi Aarbechtsplazen ze erhalen.

Merci.

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Goergen. D'Regierung huet d'Wuert, den Här Verdeedegungsminister François Bausch.

Prise de position du Gouvernement

■ **M. François Bausch**, *Ministre de la Défense*.- Merci, Här President, an och all den Deputéierte fir hir Beiträg. Ech wollt vläicht ufänken, andeems ech op d'Remark vum honorabelen Här Kartheiser aginn, deen am Ufank un d'Joer 1979 erënnert huet an u meng oder deene Gréngen hir Positioune vun 1979 zur automarer Oprüstung an zur Oprüstung en général. An ech wëll em fir d'éischt dorobber äntweren, datt e jo muss mat mer d'accord sinn, datt d'Welt 1979 awer e bësselchen aneschters ausgesinn huet wéi 2021.

1979 ass et eng Mauer queesch duerch Europa ginn, et ass nach eng Sowjetunioun ginn, et ass e Kale Krich ginn, dee ganz aktuell war. An déi ganz Oprüstungspolitik, déi deemools bedriwwen ginn ass an déi haaptsächlech ufangs den 80er-Jore vum Här Ronald Reagan an de Vereenegte Staate gefér-dert ginn ass, dat war en eenzege Machtkampf, deen zum Deel ganz geféierlech Zich hat. An dat sinn och d'Grënn, firwat ech nach haut houfreg sinn, datt ech deemools op Manifestatioune gaange sinn, fir géint déi automar Oprüstung an Europa ze demonstréieren, déi ganz geféierlech Zich hat, déi se jo och zum Zil hat, an, dat muss ee jo och soen, dat Zil erreecht huet, fir iwwert dee Rüstungswettlaaf, deen deemools stattfonnt huet, deen an där Dimensioun ... An dat musst Der emol beflissen historesch nokukke goen, all déi, déi hei schwätzen, och den Här Baum, ech kommen och nach dorobber zréck, op Oprüstung en général, déi deemools ganz sécherlech eng ganz aner Dimen-sioun hat, wéi se se haut huet.

An d'Militärlager an dee Projet, dee mer haut stëm-men, ze vergläiche mat deem, wat 1979 war, fannen ech dach awer e bësselche mat den Hoer erbäige-zunn! Ech weess, Här Kartheiser, d'ADR ass et 1979 nach net ginn. déi gréng ass et déizäit scho ginn, zu Lëtzebuerg op d'mannst och embryonal, an aneren europäesche Länner sinn et scho Grénger ginn. Mee wéi gesot, tëschent 1979 an haut huet d'Welt ganz vill geännert.

Elo wéilt ech lech awer och soen, datt ech meng Meenung zënter 1979 bis haut och op ville Punkte geännert hunn - an dozou stinn ech och! A meng Positioun, déi ech haut zur Verdeedegungspolitik hunn, ass mat Sécherheet net méi déi nämmelecht wéi déi, déi ech 1979 hat, an dat géif ech och net wëlle verstoppen. Domat wëll ech awer och net soen, datt mer alles leeddeet, wat ech 1979 gemaach hunn, an datt vläicht alles falsch war, mee et gëtt awer och Saachen, déi ech deemools behaapt hunn, déi ech haut net méi géif verrieden, dat soen ech lech ganz kloer. An duerfir ass dat och elo guer näischt Iwwerraschendes. Et ass natierlech flott, wann een dat hei kann erwänen, ech hunn och domadder absolutt kee Problem!

An da kommen ech och zu där Fro vun der Oprüs-tungsspiral, déi den Här Baum opgeworf huet, an datt déi Lénk ..., am Contraire zum Beispill zu deene Gréngen oder och anere Parteien heibannen, déi dann elo dee Gesetzesprojet hei stëmmen, déi net

géint d'Oprüstungsspiral géifen antrieden. Dach! Mee et muss een natierlech kucken, wéi wäit een domadder geet.

An da kommen ech zu der essenzieller Fro an déi hätt ech awer och gär emol eng kéier vun lech beäntwert: Wat ass dann Äert Konzept vu Verdee-degungspolitik? Oprüstung, wéini een oprüst a géint wien een oprüst, dat ass jo alles eng Fro vun enger Definitioun, déi een dropsetzt, an dat ass zum Beispill eng Fro, déi een dann awer och beänt-were muss. Ass een der Iwwerzeegung, datt een iwwerhaapt keng Verteidigungsallianzen oder -bündnisser méi brauch? Ass een der Meenung, datt een och keng Arméi méi brauch, iwwerhaapt kee militärescht Material méi brauch? Wann een där Meenung ass, okay, da kann een natierlech soen: „Ech kommen an d'Parlament an ech stëm-men donc géint all Projet, deen net an déi Richtung geet, fir dat alles ofzebauen.“

Mee dat ka jo net d'Konzeption sinn! Bon, ech hof-fen net, datt et Är ass, well ech mengen awer, Dir sidd och net esou naiv, fir net ze wëssen an net ze verstoen, datt déi Welt, an där mer liewen, awer e bësse méi komplizéiert ass an datt et de Moment relativ schwierig ass, an där Welt hei eens ze ginn - leider, muss een natierlech soen -, ouni datt ee Verdeedegungspolitik huet, ouni datt een och Rüs-tungsmaterial huet, wat och ëmmer een dorënner versteet. Et gëtt jo awer en Ënnerscheed tëschent atomare Mëttelstreckerakéiten an engem Militä-r-lager zu Suessem, wou verschidde Komponente fir Fligere leien oder wou anert méi liicht militärescht Material läit. Also do gëtt et jo awer och nach grouss Differenzen!

An dat, wat mer haut zu Suessem op der WSA hunn an och elo wäerten ausbauen, dat ass net e Stand fir Mëttelstreckerakéiten oder atomar Sprengkäpp, mee et ass éischter e Militärlager, wou logistescht Material, Komponente fir Fligere an esou weider leien, effektiv haaptsächlech fir d'amerikanesch Air Force.

A wéi gesot, da wëll ech lech och soen: Wa mer natierlech zur Konklusioun kommen, datt deen een der Meenung ass, datt een awer e Verteidigungs-bündnis brauch, an deen aneren net, da gi mer eis op där Fro warscheinlech och net eens. Da kënnen mer ons natierlech ganz gären eng kéier doriwwer austauschen, dat kënnen mer ganz gären eng kéier maachen!

Zu der Fro, wat fir ee militärescht Verteidigungs-bündnis ee brauch an ob d'NATO an där Form, wéi mer se haut kennen, nach dat géeegent ass, dat ass eng oppen Diskussioun. An ech wëll lech iwwregens och soen: Déi gëtt de Moment souguer an der NATO selwer gefouert. Well Dir wësst, datt eng strateegesch Ausrichtung an der NATO amgaangen ass, en Denkprozess, wou keen esou richtig weess, wourop et herno erauslafe wäert, wou et op alle Fall nach net kloer definéiert ass. Dat wäerte mer an deenen nächste Jore gesinn.

Dat hänkt jo och vill dervun of, wéi d'Welt sech entwéckelt, wat an der Welt geschitt, jee nodeem, wéi d'Walen och ausginn, wéi mer jo wëssen, a verschidde Länner, notamment an engem Land, dat elo rezent Walen hat. Dat wäert sécherlech och en Afloss drop hunn, wéi herno verschidden Ausriichtunge ginn.

Op alle Fall: Mir sinn der Iwwerzeegung als gréng Fraktioun, géif ech emol dervun ausgoen, mee virun allem och d'Regierung ass der Iwwerzeegung, an dat ass jo elo a menger Positioun hei dat Wich-tegst, datt mer eng Allianz brauchen a virun allem och eng Allianz, wou d'Vereenegt Staate mat dra sinn, an net de Contraire. Dofir gesi mer d'Veree-negt Staaten net per se als eppes, wat ee muss negativ gesi vu vireran, mee datt een déi effektiv als staarke Partner an där Allianz op alle Fall brauch. Duerfir fanne mer et och gutt a richtig a wichtig, datt dat dote Militärlager zu Lëtzebuerg ass an och bleibt an och ausgebaut gëtt.

Ech wëll och soen: Et ass einfach och net richtig, wat den Här Goergen hei seet, datt déi dote Méikäschten, déi mer heiran hunn, just komm wieren, well den Här Trump decidéiert hätt, souwi-sou d'Militärlageren an Europa all ofzezéien, an dat wier quasi de Präis gewiescht, dee mer hätte misse bezuelen, fir datt dat bleibt. Dat ass absolutt net richtig! Et ass souguer éischter esou, datt déi Diskussiounen hei laang virdrun ugaange sinn, ier iwwerhaapt déi aner Diskussioun un d'Lafe komm ass an d'Decisioun vun der amerikanescher Ad-ministratioun vum Här Trump fir ze soen: „Mir zéien an Europa Basen of.“

Mir haten ee Moment zwar Suergen, well du stoung eisen Accord schoonn um Pabeier, datt dat elo kéint derzou féieren, datt deen erëm kéint a Fro gestallt ginn. Mee dat hat iwwerhaapt keen Zesummen-hang. Duerfir fannen ech et och net richtig, fir dat esou ze behaapten. Mee soit!

Den Här Halsdorf hat mer awer och nach zwou Froe gestallt. Ech wëll em déi beäntweren.

Déi éischt ass déi: Firwat hu mer net eng ASBL gewielt? Mir hunn all Cas-de-figuré gekuckt. Mir

hunn zum Beispill och souguer eng juristesche Analys maache gelooss iwwert d'SA, ob et net méi sënnvoll wär, eriwweezegoen an eng SA.

Et muss een och wëssen: Zum Zäitpunkt, wéi mer dat jo alles gemaach hunn, du war ArcelorMittal och nach am Boot. Dat ass jo elo eréischt alles pa-rallell gelaf, wéi déi aus dem Aktionariat eraus-komm sinn. Mee virun allem hu mer bei all deem, wat mer gekuckt hunn - SARL, SA oder ASBL -, net eng richtig Plus-value gesi fir d'ASBL. An duer-fir hu mer elo emol decidéiert, op alle Fall bei där doter Formule ze bleiwen.

Dann ass et och esou, datt déi Käschtenopdeelung, déi elo dran ass, och esou komm ass, well mer och frou waren driwwer, datt et ëm en Ausbau gaangen ass. Elo kann een natierlech effektiv driwwer dis-kutéieren: Hätte mer misse méi drécken, datt vläicht d'Bedelegung bei den Exploitationns-käschte besser oder eropgesat gi wär bei de Vereenegte Staaten oder net?

Also, et kann een ëmmer diskutéieren. Ech mengen, mir hunn dat och sécher an d'Diskussioun era-bruecht, mee dat hei war elo de Kompromëss, deen erauskomm ass. Duerfir, ech mengen, Dir hutt Recht. Dat hätt een duerchweegs vläicht kënnen méi a Fro stellen. Mee bon. Ech weess awer elo net, ob mer an deem Stadium hei méi erauskritt hätte wéi dat heiten.

Ech sinn op alle Fall frou, datt dee Projet hei esou eng breet Zoustëmmung kritt. Ech ginn dem Här Kartheiser an deem Sënn awer och Recht, datt et, well et e Projet ass, deen iwwer zéng Joer geet, desto méi wichtig an och gutt ass, datt net nëm-men d'Majoritéit en dréit, mee och de ganz grou-ssen Deel vum Parlament. Merci duerfir.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Ier ech dem Här Minister Merci soen, fir d'éischt nach Parole après ministre fir den Här Marc Goergen.

■ **M. Marc Goergen** (*Piraten*).- Merci, Här Pre-sident. Ech wëll nach eng kéier drop reagéieren, wat den Här Minister a meng Richtung gesot huet.

Also, den Här Trump schwätzt net mat mir. E schwätzt zwar mat lech, Dir hutt do vläicht aner Informatiounen, mee hei geet et ëm en Artikel vum Oktober 2019 op eng Question parlementaire, déi vum Här Spautz gestallt ginn ass. An den Här Asselborn an den Här Kersch hunn dat beäntwert. An do steet, laut „Wort“, d'Capacitéiten, déi fir Suessem virgesi waren, wäeren elo fir de Bau vun enger Mauer un der Grenz vun de Vereenegte Staate mat Mexiko virgesinn - „Gelder aus deem US-Verteidigungshaushalt“. Mir hunn déi Question parlementaire als Quell geholl.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Goergen. Ech ginn d'Wuert zréck un den Här Bausch.

■ **M. François Bausch**, *Ministre de la Défense*.- Jo, ech hu jo och elo näischt aneres gesot. Wann ech gesot hunn, datt d'Administratioun Trump zu engem gewëssen Zäitpunkt alles a Fro gestallt huet, dann ass natierlech och Suessem derbäi. Dat ass jo evident.

Deen Accord hei war awer scho laang virdrun mam amerikanesch Ambassadeur ausgehandelt ginn. Et ass awer net esou, datt dat doten de Präis war, deen ... Mir hunn näischt missen dropleeën, loosse mer emol esou soen, wéi déi Decisioun geholl ginn ass vun der amerikanescher Administratioun, fir an déi dote Richtung ze goen.

Bon, also, ech gesinn, ech kréien lech net iwwer-zeegt, mee dat ass awer net weider schlëmm.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools dem Här Verdeedegungsminister Fränz Bausch. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7507. Esou wéi de Rapporteur eis dat virdru matgedeelt huet, ass den Intitulé vum Projet de loi ofgeännert ginn. Et ass deemno « Projet de loi autorisant la participation financière (...)» amplaz « Projet de loi visant l'autorisation de la participa-tion financière (...)». De Staatsrot ass vun där Ännerung a Kenntnis gesat ginn.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7507 et dispense du second vote constitutionnel

Mir stëmmen elo iwwert de Projet de loi mat dem ofgeännerten Intitulé of. Den Text steet am Document parlementaire 7507⁴. Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi wëllen e Vote par procuration ofginn.

Appel nominal (votes par procuration)

Domadder ass dëse Projet de loi mat 58 Jo-Stëmmen an 2 Nee-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie



Modert, M. Laurent Mosar (par M. Serge Wilmes), Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gilles Baum) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;

MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen) et Marc Goergen.

Ont voté non : MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

9. 7490 - Projet de loi sur les transports publics et modifiant :

1° les articles L. 311-5 et L. 311-6 du Code de la consommation ;

2° la loi modifiée du 28 juin 1984 portant réglementation de la police de la navigation intérieure, des sports nautiques, de la natation, des droits des passagers et du permis d'exploitation des bateaux à passagers ;

3° la loi du 10 septembre 2012 déterminant le régime des sanctions applicables en cas de violation des dispositions du règlement (CE) n° 1371/2007 du Parlement européen et du Conseil du 23 octobre 2007 sur les droits et obligations des voyageurs ferroviaires ;

4° la loi du 27 avril 2015 déterminant le régime des sanctions applicables en cas de violation des dispositions du règlement (UE) n° 181/2011 du Parlement européen et du Conseil du 16 février 2011 concernant les droits des passagers dans le transport par autobus et autocar et modifiant le règlement (CE) n° 2006/2004, et modifiant 1) les articles L. 311-5 et L. 311-6 du Code de la consommation, 2) l'article 7bis de la loi modifiée du 29 juin 2004 sur les transports publics

Den nächste Punkt um Ordre du jour vun haut ass de Projet de loi 7490, eng Ofännerung vum Gesetz iwwert den ëffentlechen Transport. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An ech ginn direkt d'Wuert un de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här Carlo Back. Här Back, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics

■ **M. Carlo Back** (*déi gréng*), *rapporteur*.- Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, elo komme mer zu engem méi rouegen Thema. Et geet ëm den ëffentlechen Transport an et geet drëm, d'Gesetz vum 29. Juni 2004 mam selwechten Titel ëmzeänneren. An dat alles ass notament en accord mam Koalitiounsokkommes vun 2018.

Dat Gesetz vun 2004 couvriert den ëffentlechen Transport iwwert d'Schinn an d'Strooss. Dëse Projet de loi berücksichtegt dobäi och déi aktuell europäesch Reglementatioun, wéi zum Beispil d'EU-Reglement 1370 aus dem Joer 2007, dat d'national an d'international Exploitatioun vum ëffentlechen Transport op der Schinn an op der Strooss regléiert. Den Transport op der Schinn ass allerdéngs och nach an anere Gesetzter festgehalen, wéi zum Beispill am Gesetz vum 16. Juni 2019 (veuillez lire: am Gesetz vum 6. Juni 2019).

Déi gréisst Ännerung an dësem Projet de loi besteet doran, datt eng nei staatlech Administratioun geschafe gëtt, déi d'Organisatioun an d'Gestioun vum ëffentlechen Transport iwwert d'Strooss als Optrag kritt. De bisheerege Verkéiersverbond, d',Communauté des transports", gëtt opgeléist a fusionéiert seng Kompetenzen, seng Missiounen a Ressourcë mat deene vun der Direktioun vum ëffentlechen Transport. Doraus entsteet dann déi nei „Administration des transports publics“.

D'Missioun vun dëser Administratioun sinn allgemenger Natur, mee betreffen och d'Koordinatioun an d'technesch Gestioun a sinn detailléiert am Artikel 6. Gläichzäitig ass déi Administratioun och zoustänneg als Operateur vun den Transports publics a fir d'Gestioun zum Beispill vum RGTR-Busreseau: Planifikatioun vun den Horairen, Roulementen, Dekonten et cetera. Och ass dës Administratioun zoustänneg fir de Service Adapto, dee mer jo och a leschter Zäit ëfters hei beschwat hunn.

Dat aktuellt Personal vum Verkéiersverbond gëtt integral vun där neier Administratioun oder vum Ministère iwwerholl a gëtt do ugestallt ënnert dem Statut vum Employé de l'État. Am Verkéiersverbond schaffe se de Moment nach ënner privatem Statut. Och d'Rechter, wat hir Klassementer du point de vue Karriär ugeet, ginn hei respektéiert. Beim Verkéiersverbond handelt et sech ëm 66 Persounen, bei der Direktioun si 27 Persoune betraff.

D'Kreatioun vun dëser Administratioun war, wéi gesot, am Koalitiounsaccord vun 2018 esou ugeduecht ginn. Des Weidere gëtt och en neie Service Transport „à la demande“ kreéiert.

De Minister, deen den Transport a sengem Kompetenzberäich huet, gëtt an dësem Gesetz mat folgenden Aufgabe beoptraagt: Koordinatioun vum ëffentlechen Transport, strateegesch Planifikatioun vun der Mobilitéit. Hie bleift Autorité compétente vum ëffentlechen Transport, virun allem am Sënn vun der europäescher Legislatioun, an de Minister ka weider Konventiounen ofschléissen tëschent dem Staat an de Gemenge respektiv Gemengesyndikater.

De Volet „Rechter vun de Passagéier“ gëtt bei de Ministère vun der Protection des consommateurs iwwerdroen.

Des Weidere ginn eng Rei Ännerunge virgeholl an den Definitiounen vun de Servicer vum ëffentlechen Transport, soudatt dës Definitiounen ugepasst ginn un déi aus dem europäesche Reglement vun 2009 (veuillez lire: aus dem europäesche Reglement (CE) 1073/2009). Heivu sinn d'Services réguliers, d'Services réguliers spécialisés, d'Services occasionnels an d'Services spécifiques betraff.

Och bréngt dëse Projet de loi eng Rei Simplifications administratives mat sech um Gebitt vun de Prozedure betreffend d'Exploitatioun vun de Services de transports publics. Allgemeng gëllt, datt d'Contrats de service publics gläichgesat gi mat Autorisations d'exploitation. Domat ginn dann och d'Autorisations nationales pour l'exploitation de transports publics ofgeschaaft.

D'Dispositiounen, déi virgesi sinn, fir zum Beispill géint en Transporteur virzegoen, deen Irregularitéite mécht an der Ausübung vu sengem Mandat, vu senger Missioun, ginn elo an de Contrat de service public ageschriwwen. Weider Detailler zu den Dispositiounen fannt Der a mengem schrëffleche Rapport.

Dann zu den Avice vun de Chambres professionnelles. Den Avis vun der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics konzentréiert sech haaptsächlech op déi Dispositiounen, déi hei d'Administratioun selwer betreffen, an notament déi, déi d'Personal betreffen, wat do ugestallt gëtt. Si begreisst dann och d'Kreatioun vun dëser Administratioun. Si stellt fest, datt gewësse Punkten net prezis genuch sinn, wéi d'Attributiounen vun där neier Administratioun, d'Interventioun vun de Gemengen an hir finanziell Partizipatioun um Entretien vun den Infrastrukturen, wéi zum Beispill vun de Busarrëten.

D'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics ënnersträicht nach eng kéier an dësem Avis, wéi wichtig et ass, d'Offer an d'Qualitéit am ëffentlechen Transport héichzehalen a weider auszebauen. Dës Chamber huet och nach eng Rei Froen opgeworf a schreift, datt Reglementer, zum Beispill d'Règlements d'exécution, sollte beim Projet de loi derbäileien.

D'Chambre des Salariés insistéiert, datt d'Guichete vun der Mobilitéitszentral respektiv d'Offer fir de Client net däerfe verschwannen, a freet weider Informatiounen zu dem Transport à la demande.

D'Chambre de Commerce begreisst dëse Projet de loi, notament datt an dësem Projet de loi d'Coopération transfrontalière an eis national Politik vum ëffentlechen Transport integréiert gëtt.

D'Chambre des Métiers begreisst och dëse Projet de loi, mam Argument, datt et fir eis wirtschaftlech Entwécklung wichtig ass, e gutt fonctionnéierenden ëffentlechen Transport ze hunn.

De Syvicol bedauert a sengem Avis, datt hie sech huet mussen autosaaiséieren. Hie begreisst de Projet de loi an deem Sënn, datt et drëm geet, fir d'Effizienz vum ëffentlechen Transport an dem Service ze verbessern. E bedauert awer, datt duerch d'Verschwanne vum Conseil d'administration vum Verkéiersverbond keng Plateforme d'échange méi mat de Gemenge géif bestoen.

Dann zum Avis vum Staatsrot. De Staatsrot hat zwielef Oppositions formelles gemaach weínst Rechts-onsécherheet oder Netkonformitéit mat der Constitutioun. All dës Oppositions formelles konnten duerch Amendements parlementaires opgehuewe ginn. Detailler zu dëse parlamentareschen Aarbechte kennt Der a mengem Rapport écrit noliesen.

De Projet de loi ass de 15. Oktober 2019 an der Chamber deposéiert ginn. E gouf eng éischte kéier an der Kommissioun vun der Mobilitéit an den Travaux publics den 23. Januar 2020 presentéiert. De Staatsrot huet säin éischten Avis den 13. Oktober 2020 ofginn. Säin Avis complémentaire ass vum 19. Dezember. An de Rapport, esou wéi en

lech hei virläit, ass an der Reunioun vun der Kommissioun vum 14. Januar 2021 unanime ugeholl ginn.

Ech wollt mech nach bei de Membere vun der Kommissioun bedanke fir déi gutt Kooperatioun a ginn och heimat den Accord vun der grénger Fraktioun.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- An ech soen dem Här Rapporteur Carlo Back Merci a ginn d'Wuert un den éischten ageschriwwene Riedner, den honorabelen Här Serge Wilmes.

Discussion générale

■ **M. Serge Wilmes** (*CSV*).- Merci, Här President. Ech soen dem Rapporteur, dem Här Back, Merci fir säi Rapport. En huet dat alles kloer gesot, wat an dësem Projet de loi wichtig ass. Ech ginn och den Accord vun der CSV-Fraktioun zu deem Projet de loi hei.

Ech wéilt awer trotzdeem just op ee Punkt agoen, deen de Rapporteur och a sengem Rapport gemaach huet. En huet den Avis vum Syvicol oder sengem President, mengm Parteikolleg, dem Emile Eicher, erwäant, dee jo eng ganz gutt Aarbecht mécht am Sënn vun de Gemengen. En huet och de Kritikpunkt betount gehat, datt u sech de Syvicol sech huet misse selwer hei saiséieren, fir en Avis dozou ofzeginn. Et géif een do wierklech nach eng kéier der Regierung mat op de Wee ginn an un d'Häerz leeën, dach systematesch ëmmer de Syvicol ëm säin Avis ze froen, wann et mat ëm Gemengepolitik geet.

Ech mengen, et si genuch vun lech Memberen vun der Regierung, déi selwer eng kéier Gemengepolitikere waren. A soulaang et net obligatoresch ass, de Syvicol a Gemengefroen ze froen, wär et dach wichtig, dee Reflex ze hunn. Dat ass net onbedéngt e schlechte Wëllen, mee huet dat mat op de Wee.

Op där anerer Säit ass nach dee Punkt, deen de Syvicol zu Recht ugeschwat huet: Wéi geet dat da mat der Koordinatioun a mat der Zesummenaarbecht mat de Gemengen? Kënnst Der do Prezisiounen ginn? Wou de Syvicol besonnesch och Recht huet, dat ass, datt de Verkéiersverbond jo e Conseil d'administration hat, wou dräi Gemengevertreieder u sech dra waren - een direkt iwwert de Syvicol noméiert an dann zwee Vertreieder vun deene gréisste Gemengebussyndikater aus dem Land, nämlech der Stad Lëtzebuerg an dem TICE -, déi do drasouzen an déi sech natierlech du konnten direkt austausche mat deenen anere Memberen, de Représentantë vum Staat.

Wéi wäert dann elo déi Zesummenaarbecht an Zukunft do gemaach gi mat der Verwaltung? Dat heescht, allgemeng d'Fro: Kënnst Der eis soen, wéi sech elo d'Verwaltung wäert mat de Gemenge koordinéieren, fir datt mer och wierklech déi qualitativ héichwäerteg Offer am ëffentlechen Transport kréien, déi mer jo alleguerte gären hätten a brauchen?

Merci.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Wilmes. An d'Wuert geet direkt weider un den honorabelen Här Max Hahn. Här Hahn, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Max Hahn** (*DP*).- Merci, Här President. Jo, mir wëssen alleguer, d'Mobilitéit ass a bleift e Chantier, e ganz grouss Chantier hei zu Lëtzebuerg, wann och e Chantier, un deem ganz vill geschafft gëtt. Infrastrukturtechnesch ass dat, wat an de leschte Jore geplangt an an dëser Chamber hei gestëmmt ginn ass, wuel eemoleg. A mir sinn och soubal net fäerdeg. Bis all déi Projeten, déi schonn decidéiert gi sinn, och ëmgesat ginn, wäert et, mengen ech, nach e bëssen daueren. Do derbäi kommen nach eng ganz Rei Projeten, déi nach net gestëmmt gi sinn an déi an der nächster Zäit sollen deposéiert ginn.

De Projet, ëm deen et haut geet, ass - jo, ech ginn et zou -, manner visibel, manner grouss. Et gëtt duerno näischt anzeweien. Mee dowéinst ass dëse Projet awer net manner wichtig. Effektiv kéint ee souguer soen, mir operéieren hei um oppenen Häerz vun der Mobilitéit hei am Land, vu dass et ëm d'Organisatioun an d'Opstellung vun der Verwaltung an dësem Beräich geet.

Als DP begreisse mir et, dass d'Kompetenze fir den ëffentlechen Transport op enger Plaz konzentréiert ginn. Mir sinn iwwerzeegt, dass op dës Manéier Ressourcë méi effikass agesat, Prozedure vereinfacht an Double-emploien evitéiert kënnen ginn. Et ass asoufern nëmmen e logesche Schrëtt, déi conceréiert Servicer ënner engem Daach ze vereenegen.

De Gesetzesprojet gesäit och d'Schafe vu verschiddenen neien Organer vir, wéi zum Beispill dem „Comité des usagers“ an dem Aarbechtsgrupp „Réseau RGTR“. A jo, wéi wichtig et ass, am permanenten Austausch mat de Leit ze stoen, besonnesch bei engem Sujet wéi dësem, dat brauch ech sécher kengem ze soen.

Den Här Minister huet jo an der leschter Zäit besonnesch am Kader vun der Neiorganisatioun vum RGTR kënnen de Bols vun de Leit a senge Versammlunge fillen an e weess dowéinst, dass dësen

Exercice absolutt noutwendeg ass. An dofir begreisse mir ganz kloer dës zwee nei Organer, fir kënnen den Uleiesse vun de Leit Rechnung ze droen, déi och tatsächlech all Dag mat deem liewe mussen, wat d'Politik, wat de Ministère, wat déi Verwaltungen dann decidéiert hunn.

Besonnesch am Fall vum RGTR fanne mir et wichtig, dass suivéiert gëtt, ob d'Reform dann och déi gewënscht Resultater mat sech bréngt oder ob plazeweis nach nogebessert muss ginn. Ech mengen, et ass evident, dass et bei esou engem komplexe Sujet wéi der Organisatioun vun engem ganze Busreseau, notament och am Zesummespill mat anere Verkéiersmëttel wéi dem Zuch, e bësse wäert brauchen, bis sech alles agespillt huet.

E weidert Element ass d'Schafe vun engem Service à la demande, Genre Ruffbus, deem mir natierlech net ofgeneigt sinn, wou et awer zu dësem Zäitpunkt schwéier ass, eppes dozou ze soen, well iwwert déi genee Modalitéiten nach näischt gewosst ass. Wann et awer sollt a Richtung vun engem Ruffbus goen, da fanne mir op alle Fall, dass sollt gekuckt ginn, fir mat de villen Offeren, déi et haut schonn um Gemengenniveau an deem Beräich gëtt, Synergien ze schafen, ze kucken, wat sënnavoll ass, an, jo, all Double-emploien ze evitéieren.

Besonnesch gëllt et ze evitéieren, dass esou e Service à la demande eng Konkurrenz fir de regulären ëffentlechen Transport duerstellt. E kéint héchstens complémentaire zu dësem sinn.

Här President, ech wéilt zum Schluss nach op ee Punkt agoen, deen eis als DP generell wichtig ass. Mir sinn der Meenung, dass virun allem am digitalen Zäitalter d'Donnéeën den A an O vun enger effikasser Mobilitéitspolitik sinn. Déi nei Technologë ginn eis hei jo eng Rei Méiglechkeeten an de Grapp, fir e besseren Iwwerbléck iwwert d'Verkéierssituatioun aktuell an och iwwer laangfristeg Musteren ze ginn. Esou schafe mer déi néideg Viraussetzung fir d'Politik, fir engersäits de Besoin a Saache Mobilitéit op länger Dauer kënnen ze erkennen, ze anticipéieren an entspreichend dann och Decisiounen ze huelen.

Anerersäits gi mer dem Passagéier och kuerzfristig d'Méiglechkeet, seng individuell Mobilitéit besser ze organiséieren, wann en akkurat Informatiounen iwwert déi aktuell Situatioun zur Verfügung gestallt kritt. D'Kommunikatioun an d'Informatioun vum Passagéier sinn absolutt essenziell, fir dass dëse sech och selwer kann organiséieren a kucken, wéi en am beschte vun A op B ka kommen.

An dësem Sënn gesäit de Koalitiounsaccord jo och d'Schafe vun engem Observatoire de la mobilité vir, deen dofir zoustänneg wier an Zesummenaarbecht mat de verschiddenen Acteuren. Och d'Schafe vun der neier Verwaltung fir den ëffentlechen Transport ass en Deel heivunner an déi nei Administratioun wäert an deem Kader eng ganz wichteg Roll spillen. Denke mer un d'Mobilitéitsapp respektiv un de Site mobiliteit.lu. Dës si jo och vum Verkéiersverbond entwéckelt a bedriwwen ginn. Mir hoffen dowéinst, dass d'Schafe vun dësem Observatoire séier virueet, fir dass mer an dësem Beräich nach weider virukommen a och an deenen nächste Joren nach besser kënnen ginn.

Dëst gesot, bleift mir den Accord vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei ze ginn an lech villmools Merci ze soe fir d'Nolauschteren a last but not least dem Rapporteur Carlo Back villmools Merci ze soe fir seng zwee Rapporten, souwuel säi schrëffleche wéi säi mëndlechen. Merci.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Hahn. An ech ginn d'Wuert direkt weider un den honorabelen Här Dan Biancalana. Här Biancalana, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Dan Biancalana** (*LSAP*).- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, jo, opgrond vun der demografescher, wirtschaftlecher Entwécklung vun eisem Land a virun allem och aus Ëmwelt- a Gesondheetsgrënn, kuerz, och am Sënn vun eiser Liewensqualitéit soll a muss den ëffentlechen Transport eng ëmmer méi grouss Roll an eisen aldeeglechen Deplacementer anhuelen a spillen.

De quantitativen a qualitativen Ausbau vum ëffentlechen Transport ass a war deemno ëmmer eng vun de politesche Prioritéite vun der LSAP. Dofir begreisse mer och ganz kloer dëse Projet de loi iwwert den Transport public, deen haut zur Debat an och zur Ofstëmmung steet.

Esougutt den Zuch- wéi och de Stroosseverkéier sollen a wäerten duerch déi nei Reegele verbessert ginn. An och meng Virriedner si jo drop agaangen. Ech wëll och vun dëser Plaz a vu menger Säit aus e grouss Merci soen un de Rapporteur, un de Carlo Back, fir säin exzellente schrëfflechen a mëndleche Rapport.

Jo, d'Zil vun der Fusioun vum Verkéiersverbond an der Direction des transports publics zu enger neier Administration des transports publics, vun der Zesummeleung vun de verschiddene Kompe-